



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 4. Oktober 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

De Sport zu Lëtzebuerg entwéckelt sech permanent, souwuel national wéi international. Besonnesch de Leeschtungssport erfuerdert vun den Athleten en honnertprozentegen Engagement a bréngt ëmmer nees ganz bemierkenswäert Resultater. A bestëmmte Sportaarte kéinten awer nach Progrès gemaach gi fir e kontinuéierlechen Training op héchstméiglechem Niveau ze erméiglechen.

Zu dësen Disziplinne gehéieren och verschidden Dammesportaarten an deenen et wuel Fortschrëttler gouf, awer nach méi kéint gemaach gi fir méi Fraen zu dem Schrëtt a Richtung Professionaliséierung ze encouragéieren.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un den Här Minister:

- 1) Wéi gesäit den Här Minister d'Zukunft vum Dammefussball zu Lëtzebuerg? Wat sinn déi nächst Schrëtt fir d'Professionaliséierung vun de Fraen am Fussball a wéi ass d'Zesummenaarbecht mat de Veräiner? Gëtt et finanziell Hëllef fir dës Disziplin? Wann jo, wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten